

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*De Luxfilmfest huet d'Nidderlag vun der Kultur proklaméiert*", deen den 3. Mäerz um Zitt vum Radio 100Komma7 publizéiert gouf, heescht et, datt d'Organisateure vum Luxfilmfest opgrond vun der Ukrainkris an Ofsprooch mat der Regierung an der Stad Lëtzebuerg decidéiert hätten, sämtlech russesch Filmer aus hirem Programm ze strächen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi wäit si an dëser Fro Drock op d'Organisateure vum Luxfilmfest ausgeübt huet? Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit si d'Vereenbarkeet vun dëser Decisioun mat der verfassungsméisseg garantéierter Fräiheet vun der Konscht a Kultur beurteelt?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi si zu der Fro vun der politescher Kollektivschuld steet an a wéi wäit si et rechtsstaatlech fir verrietbar hält, Acteure vun der Zivilgesellschaft fir politesch Decisioune vun auslännesche Regierungen ze bestrofen?
- 3) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit dës Decisioun no hirer Analys dozou bäidréit, d'Ukrainkris op diplomateschem Wee ze léisen, besonnesch och wat d'Zensur vu Kannerfilmer ugeet?
- 4) Wéi ass dës Moosnam vun der Regierung mam Verfassungsverbuet vun der Zensur kompatibel?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson a vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro n° 5862 vum 3. Mäerz 2022 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser

D'Decisioun, déi russesch Filmer aus der Programmation vum Luxembourg City Film Festival eraus ze huelen ass als e Geste vu Solidaritéit mat der ukrainescher Filmakademie ze deiten, déi esou eng Demande un all Festivaller an Europa gestallt hat. Déi Decisioun ass net vun uewen erof, mee am Dialog tëscht dem Verwaltungsrot vum Festival an deenen zwee politesche Responsabelen, der Stad Lëtzebuerg an der Regierung, geholl ginn. Déi russesch Kultur ass duerchaus op anere Plazen an zu anere Geleeënheeten zu Lëtzebuerg zougängelech, denke mer z.B. nëmmen un d'Literatur an de Bibliothéiken oder Theaterstécker a Concerten op verschiddene Bühnen am Land, an dat soll och esou bleiwen.

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson